



déi nach um Wee sinn, séier ze schaffen. Dat ass an deem heite Kontext net einfach! Dat ass och nach net méi einfach gemaach ginn, well en fait den Avis vum Conseil d'État an den Avis vun der Lëtzebuurger Zentralbank an entgéintgesate Richtunge gaange sinn a mer och do hu missen e Kompromëss fannen. Ech muss zwar soen, dass dat ons, mengen ech, gutt gelongen ass an dass d'Diskussioun an der Cofibu a mengen Aen exzellent war an ech nëmme ka soen, dass mer aus där Expérience kënnen léieren, wéi mer och esou e wichtige Projet an der Cofibu kënnen konstruktiv mateneen diskutéieren.

D'Informatioun vum den Institutiounen zu Lëtzebuerg ass e wichtige Punkt, deem ënnerstrach ginn ass. D'Chambre des Députés an de Conseil de Gouvernement kréien e Rapport annuel. A mir wäerten all Joers op d'mannst eng Réunioun an der Cofibu hunn, fir iwwert d'Aktivitéit vum Comité du risque systémique ze schwätzen. An ech mengen, dat ass ganz gutt esou.

Ech mengen, mir hunn also domat en équilibréierte Projet. Ech freeë mech, dass d'grouss Majoritéit vun den Deputéierten hei wäert kënnen dozou positiv stëmmen. Dat ass wichtig! Dat ass wichtig fir eis Finanzplaz. Dir wësst, an ech soen et bal all Kéiers, wann ech d'Geleeënheet hunn, iwwer eis Finanzplaz hei ze schwätzen, dass ech do alles drusetzen, fir an der Kontinuitéit ze schaffen, déi iwwert déi lescht Jorzéngte bestanen huet. Wat net heescht, dass mer verschidde Saache sollen anescht maachen, mä dass mer iwwer esou wichtig Gesetzter wéi dat heiten esou eng breet Majoritéit hunn, fannen ech eng ganz gutt Saach!

Ech profitéiere vun der Geleeënheet, well ech eng Fro iwwert d'Lëtzebuurger Zentralbank krut, obwuel dat elo net wierklech de Sujet hei ass, fir awer e puer Wuert driwwer ze soen. D'Ennerkapitalisatioun, déi vun der Zentralbank vu Lëtzebuerg selwer ënnerstrach ginn ass, ass e Problem, dee bekannt ass an deem et säit laanger Zäit gétt. Dës Regierung huet schonn am Laf vum leschte Joer mat der Zentralbank doriwwer geschwat an et bestoung scho virun deenen Deklaratiounen, déi gemaach gi sinn, e Verständnis, dass am Laf vun deem Joer dozou eng Léisung muss fonnt ginn.

Ech kann nëmmen hei nach eng Kéier ënnersträichen, dass d'Regierung wëlles huet, dës Joer Léisungen ze degagéieren, fir d'Augmentatioun vum Kapital esou ze gestalten, dass d'Kapital vun der Zentralbank adequat ass. A mir wëlle Léisunge fannen, déi an der Zäit sech strecken, déi also progressiv geschéien. Mir wëllen eng Léisung fannen, déi der Zentralbank op der Zäitachs, dat heescht an der Durée Satisfaktioun gétt. D'Zentralbank ass e wichtegte Stéck vun eisem Land. Et ass e wichtigen Akteur an der Kredibilitéit vun eiser Finanzplaz an dofir wäerte mer derfir sorgen, dass dat doten elo alles schätzeg geschitt.

Ech soen lech alleguerte Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Finanzminister. Mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6653 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

De Projet de loi 6653 ass ugehall mat 58 Jo-Stëmmen, bei 2 Nee-Stëmmen.

(Interruptions)

► **Une voix.** - Et war mir ze séier gaangen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ouh? Ech hunn awer 60 Leit, déi ofgestëmmt hunn.

(Interruptions)

Dat ass kee Problem. Et ass jo „Jo“?

► **Une voix.** - Jo, jo!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Okay, Merci villmools! Dat gétt berücksichtegt. Ech mengen, et ass schonn!

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Nancy Arendt), Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert) et Michel Wolter (par Mme Martine Mergen);

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges

Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany (par M. Justin Turpel).

Sidd Der bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Da soen ech Merci an dann ass dat esou déciéiert.

A mir géifen direkt zum nächste Punkt iwwergoen. Och do ass d'Riedezeit nom Basismodell festgeluecht. An de Rapporteur huet d'Wuert zum Projet de loi 6764 iwwert d'Cité policière.

Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

4. 6765 - Projet de loi relatif à la cession d'un terrain domanial au Fonds de compensation commun au régime général de pension

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, zu deem mer elo de Rapport maachen, ass ufanks des Joers vum Finanzminister déposéiert ginn. D'Chambre des Salariés an d'Chambre de Commerce hunn hiren Avis ofginn. De Statsrot huet säin Avis den 10. März ofginn. A mir hunn de Rapport an der Finanz- a Budgetkommissioun den 13. März ugehall.

Här President, de Gesetzesprojet gesäit vir, dass de Stat dem sougenannten „Fonds de compensation commun au régime général de pension“ en Terrain verkeeft, op deem da ka gebaut ginn. Den Terrain ass 76,78 Ar grouss, huet eng Bebauungsfläch vu 37.000 m² a läit am Garer Quartier hei an der Stad, an dat méi genau tëscht der Rue de Hollerich, der Rue Mercier an der Rue du Fort Wedell. Dës Transaktioun wier am Wäert vu minimal 90 Milliounen Euro.

Wann de Pensiounsfong dësen Terrain bis huet, wäerten hei nei Bürosgebaier entstoen. Hei kënnen eng ganz Rei Administratiounen zentraliséiert ginn, an dorënner haaptsächlech d'Servicer vun der Sécurité sociale, déi am Moment an der Escher Strooss sinn. Dat sinn em déi 900 Leit, déi dann op d'Gare komme géifen.

Dat wier emol an enger éischter Phas. Spéider ass nämlech nach geduecht, fir och nach aner staatlech Administratiounen op d'Gare ze kréien, esou dass de Bierger hei op enger Plaz ganz vill verschidden Ulafstelle beieneen hätt. Ech mengen, dat géif de Leit d'Liewe bestëmmt méi einfach maachen, wa se alles beieneen hätten. An dat ass jo och am Sënn vun der Simplification administrative.

Da just nach: Wéi beim Gesetz, dat mer duerno wäerte stëmmen, stoung och dës Mesure d'lescht Joer am Zukunftspak an och hei hat de Statsrot proposéiert, iwwer en eenzelt Gesetz ze verfuere.

Duerch de Verkauf un de Pensiounsfong vun engem groussen Terrain wäerten d'Administratiounen vun der Sécurité sociale op enger Plaz zesummekommen, an dat no bei der Stater Gare, esou dass d'Leit net wäit lafe mussen, fir hir Démarché kënnen ze maachen. Wéi am Zukunftspak schonn ugesprach ginn ass, muss d'Politik d'Uleies vun de Bierger ëmmer am Hannerkapp behalen. An dat ass hei sécherlech de Fall!

E Merci un d'Leit vum Finanzministère fir déi gutt Zesummenaarbecht! An ech ginn hei den Accord vun der DP-Fraktioun zum virleiende Gesetzestext an ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Et schéngt beim Här Rapporteur zu enger klenger Verwiesslung vu senger Riede komm ze sinn, well deem zweeten...

► **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.** - Ups, jo!

(Hilarité générale)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Et ass awer net weider schlëmm! Ech mengen,

d'Chamber ass flexibel, an den Här Roth ass schonn an de Startbléck.

Dir hutt berichtege, dass et hei em d'Cessiou vun engem Terrain geet un de Fonds de compensation, an net em d'Cité policière! Den Här Rapporteur ass herno direkt nach eng Kéier dru fir d'Cité policière. Also, Dir hutt déi richteg Ried direkt, Här Roth?

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Merci, Här President. Ech hat Gott sei Dank opgepasst, dass ech net elo zur Cité policière géif schwätzen.

Dem Rapporteur Guy Arendt awer Merci fir säi schrëftlechen a säi mündleche Rapport. Ech mengen, en huet zum Schluss vu senger Ried gesot, dass dës Projet ursprénglech an dem Spuerpak d'lescht Joer virgesi war an dass de Statsrot eng Opposition formelle gemaach huet, déi och formhalber war: nämlech, dass de Statsrot gesot huet, wann een en Engagement financier mécht am Akaf oder am Verkauf vum Stat, deem iwwer 40 Milliounen erausgeet, da muss een e Spezialgesetz huelen. Dat ass eng eigentlech strikt Lektür, déi de Statsrot vun der Verfassung mécht, an déi sollt een och am Kapp hu fir eventuell aner Gesetzter respektiv Projet-de-loien, déi nach en cours sinn.

Ech wëll nach eng Kéier kloer ënnersträichen, dass et och an dem neie Joer fir d'CSV keng Spuermoosnam ass, wann de Stat en Terrain veräussert! Émsou méi dësen Artikel, wéi d'Bauere géife soen, „an éischtklasseger Lag“ op der Gare läit, mat direkter Ubannung un den ëffentlechen Transport, souwuel den Zuch wéi de Bus.

De Präis vun deem Terrain, dee läit, wéi de Rapporteur et ënnerstrach huet, bei ronn 90 Milliounen Euro, déi de Stat géif kréien, wann en déi 77 Ar géif verkafen. Et muss een awer eppes derzousoen: dass an der Finanzkommissioun preziséiert gouf, dass dee Präis vun dem Terrain festgeluecht gouf eigentlech op déi potenziell Bürofläch, déi ee kéint bauen, an dat sinn 2.500 m² pro Bürofläch (veuillez lire: dat sinn 2.500 Euro pro Meter carré Bürofläch), déi errechent goufen. Dat heescht net, dass d'Gebai géif 2.500 Euro de Meter carré kaschten, mä et ass déi potenziell Notzung vun dem Terrain, déi de Präis vun dem Terrain sollt mat bestëmmen. Et geet een dervun aus, dass dat 37.000 m² sinn, wann ee vun engem CMU (coefficient maximum d'utilisation du sol) vu 5 ausgeet. Sollt de PAG vun der Stad Lëtzebuerg eng méi grouss Notzung erlaben, da géif de Präis kënnen no uewen ugepasst ginn. Duerfir steet och an dem Gesetzesprojet, dass et „au moins“ 90 Milliounen Euro sinn.

An ech mengen, do bemierkt de Statsrot mat Recht, dass eigentlech keng Kritäre festgeluecht goufen oder keng Konventioun bei dem Gesetzesprojet bäläit, wéi de Präis géif evoluéieren, wa méi eng grouss Notzungsfläch machbar wier, wat eigentlech am Privatsecteur ëmmer de mise ass.

Et muss een awer hei soen, dass de Verkauf net un e privaten Entrepreneur oder private Promoteur geschitt, mä dass et un de Fonds de compensation ass an de Fonds de compensation bei sech selwer an de Statute stoen huet, dass e minimum 5% vu sengen Investissementen sollt an Immobilie maachen.

Mir stëmmen och duerfir als CSV-Fraktioun dësse Projet, well mer dat vun dem Objet hier sënnavoll fannen: éischstens, dass de Fonds de compensation deen Achat mécht, an zweetens, dass virun allem d'Notzung vun deem Terrain fir e Gebai geholl gétt, wat de Sozialversécherungen au sens large wäert zougeséichert ginn.

An ech mengen dee wichtigste Punkt ass deem, dass éischstens emol dat Gebai op der Escher Strooss, 125, route d'Esch, dass dat aus Asbestgrënn an anere Grënn net méi ka genotzt ginn. An zweetens, et muss een awer och ënnersträichen, dass déi Leit, déi hei an dat Gebai ginn, d'Bierger, dass dat der vill all Dag sinn an dass déi d'Ubannung un den ëffentlechen Transport op der Gare hunn. Duerfir kënnen mir dësse Verkauf vun dem Stat un de Fonds de compensation nëmmen ënnerstëtzen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Roth. An nächste Riedner ass de Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Merci, Här President. Ech géif dem Rapporteur Guy Arendt Merci soe fir säi mündlechen a schrëftleche Rapport. An ech mengen, et gétt deem net weider vill bäizefügen, soudass ech den Accord gi vun der LSAP-Fraktioun zu deemem Projet de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Fayot, deem den Accord vu senger Fraktioun bruecht huet - fir déi, déi et net héieren hunn.

(Hilarité)

An domat huet den Här Kox d'Wuert.

► **M. Henri Kox (déi gréng).** - Jo, och vun der grénger Fraktioun e Merci un de Rapporteur. An ech bréngen och gläichzäiteg den Accord vun eiser Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Dann huet d'Wuert den Här Turpel.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Merci, Här President. Mir stëmmen derfir, dass de Fonds de compensation deen Terrain do solle kënnen kréie fir 90 Milliounen. Ech wëll ervirsträichen, wat den Här Roth och gesot huet, dass sech hei baséiert gétt am Bericht och dorobber, dass et ee vun de strategeschen Objektiv vum Investissement vun deem Fong soll sinn, fir e Minimum vu 5% an den Immobilien ze investéieren.

Ech erlabe mer awer, an deem Zesummenhang zwou Froen opzeweieren. Déi éischt Fro ass déi: Deen Immobilier, dat sollen eiser Meenung no awer net nëmme Büro sinn, mä et soll ee wierklech haart driwwer nodenken, dass de Fonds de compensation och méi aktiv gétt am Wunnengsbau. Ech kéint mer virstellen, dass de Fonds de compensation kéint effektiv de Leit, déi Sue brauchen, Kreditter zur Verfügung stellen zu engem Taux, dee fir d'Leit akzeptabel ass an och fir de Fong akzeptabel ass. Et ass sécherlech eng Diskussioun, déi mer solle féieren.

Zweetens, wat d'Investitiounspolitik vum Fonds de compensation ugeet, wëll ech drun ernennen, dass viru Joren den André Hoffmann hei d'Politik vun Investitiounen a Firmaen, déi Minne produzéieren, opgeworf huet. Dorobber hin ass eng Ännerung geschitt. Mir stellen awer haut nach fest, dass awer trotzdeem och nach eng ganz Rei Investissementer geschéien an aner méi dubiéis Firmaen, siefen et der, déi am Produktionsberäich vun de Waffen tätég sinn, sief et, wéi d'Klimabündnis, also Kyoto..., also „Votum Klima“ drop higewisen huet, dass se a Firmaen investéieren, déi am Ëmweltberäich an och am Kyoto-Beräich ganz schiedlech sinn.

Dofir begrësse mir et och ausdrécklech, dass mer an der zoustänneger Kommissioun op Initiativ vun deene Gréngen deemnächst eng Diskussioun wäerte kréien iwwert d'Investitiounspolitik vum Fonds de compensation.

Ech hat jo och eng Question parlementaire dozou. Deen zoustänneger Minister ass och hei an hien huet sech an der Äntwert just am Fong geholl op dat beruff, wat bis elo décidéiert wier als Kader, un deem d'Gestionnaire vum Fong sech missten halen. Wann dat de Fall ass, solle mer wierklech zilstrebeg dorobber hischaffen, fir dee Kader eng Kéier ze iwwerschaffen an unzepassen, fir dass esou Saachen net méi virkommen.

Dat gesot, stëmme mir elo punktuell fir dee Punkt do an deem Projet. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Turpel. Dann huet d'Regierung elo d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech freeë mech, dass mer Unanimitéit hunn op deem heite Projet.

Fir d'Éischt emol: Effektiv ass hei e juristesche Punkt vum Conseil d'État opgeworf ginn, dee mer mussen zur Kenntnis huelen, dass en eng Interpretatioun stricte huet, dass, wann ee Gebailechkeeten oder eben en Aktiv keeft, deem iwwer 40 Milliounen Euro - 42 Milliounen Euro - ass, ee muss dann e Gesetz stëmmen. Dat hu mer dann och hei gemaach. Ech sinn och frou, dass mer dat konnte séier maachen, well et waren Délaie mat där ganzer Operatioun verbonnen, a mir sinn nach hei an den Délaien.

Zweetens zum Präis: Effektiv ass eng gewësse Flexibilitéit dran, wat, mengen ech, och ganz responsabel ass, et ass ervirgestrach ginn. A vu dass den Acheteur de Fonds de compensation ass, ass dat eng Méiglechkeet gewiescht, fir déi Flexibilitéit anzubauen, ouni ze vill an den Detail ze goen, méi Méiglechkeeten ze hunn, eng Adaptatioun ze maachen.

En drëtten Punkt ass richteg ënnerstrach gi vu villen, dat ass, dass déi Lag vun deem Terrain extrem génschteg ass. A wa mer effektiv vill Clienten, vill Bierger hunn, déi dohinner wäerte goen, déi wäerten apprécieieren, dass se do mam Zuch kënnen hikommen. Dat ass also och gutt fir d'Mobilitéit a fir de Service client.

Véierte Punkt, dee gemaach ginn ass, ass, dass de Fonds de compensation soll 5% an Immobilien investéieren, wat eng Politik ass mat enger gudder Diversifikatioun. Hei sinn elo Bürosgebaier. Ech weess net, wat den Detail vun der



Politik ass. Ech kéint mer virstellen, dass de Fonds de compensation och interesséiert wär, Logementer ze kafen.

Dat Eenzezt, wat ee muss am Sënn hunn, dat ass, dass de Fonds de compensation, dee gé-riert jo d'Surplusse vun eiser Pensiounskeess an hien huet do Kritäre vu Rendement. En ass also net do, fir Sozialpolitik ze maachen, en ass awer do, fir justement de Rendement vun deenen Avoiren, déi en do huet, esou gutt wéi méiglech ze maachen.

Mä d'Iwwerleeung, vu dass de Logement esou eng grouss Préoccupation ass am Land, soll een op jidde Fall féieren.

Ech soen lech alleguerte Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Finanzminister.

Domat wäre mer um Enn vun den Diskussiounen a mer géifen iwwert den Ensemble vum Projet de loi 6765 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6765 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann d'Procuratiounen. A schonn ass de Vote ofgeschloss.

Jo, et ass méiglech, dass ech een net erfaasst hunn. Huet een net kënnen ofstëmmen?

Ech hunn 59... Den Här Gibéryen. Also 60. Unanime ass de Projet de loi 6765 ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Laurent Mosar), Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert), Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany (par M. Justin Turpel).

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Ech soen lech Mrci.

Da géife mer zu deem Punkt kommen, wou erëm eng Kéier de Guy Arendt als Rapporteur virgesinn ass a wou e senger Zäit viraus war. Et geet dës Kéier ëm de Projet 6764 iwwert d'Cité policière.

5. 6764 - Projet de loi relatif à l'acquisition de l'immeuble «Cité policière Grand-Duc Henri - Kalchesbréck»

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.**- Richtig. Här President, am Fong ass mer eppes gelongen, ech hu mech ëmmer gefrot, ob ee kéint den Ordre du jour esou ëmwiesselen. Et ass mir jo dann dës Kéier gelonge gewiescht.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Et ass awer fir d'Éischt a fir d'Lescht!

(Hilarité générale)

► **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.**- Ech versprechen lech dat.

Gutt, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi vun der Cité policière ass och ufanks Januar vum Finanzminister déposéiert ginn. D'Chambre des Salariés huet en Avis ofginn. De Statsrot och. An d'Finanz- an d'Budgets-kommissioun huet de schréffleche Rapport an hirer Sëtzung vum 13. Mäerz ugehall.

Am Gesetzesprojet haut de Mëtteg geet et drëms, der Regierung ze erlaben, d'Gebai vun der Cité policière op der Kalchesbréck ze kafen, an dat am Wäert vun eppes iwwer 86 Milliounen Euro. Dat si sécherlech vill Suen. Mä wann de Stat dëst Gebai elo keeft, amplaz weider ze lounen an en deiere Loyer ze bezuelen, huet dat eng Rei Avantagen, an haaptsächlech finanzieller Natur.

Éischstens, iwwert d'Jore sinn Investitiounen vum éi neng Milliounen Euro an dëst Gebai gestach ginn, an dat, fir et mat där Technik auszerüsten, déi eis Police brauch, fir effikass schaffen ze kënnen. Et ass an deem Sënn besser, mir hunn et selwer, well mer da sécher kënne sinn, dass mer dat Material op där Plaz notze kënnen. De Stat ass dann och sécher, dass en net ënner Drock ka gesat ginn an de Kontrakt nëmmen zu onméigleche Konditiounen kéint verlängert ginn.

Ech mengen, jiddwereen heibanne weess, wéi wichteg eis Police ass. An duerfir ass et ëmsou méi wichteg, dass mer hir Gewëssheet ginn, dass se an deene kommende Joren esou weiderschaffe ka wéi bis elo. Et wär hinne bestëmmt net gehollef, wa se an e puer Joer plënnere missten.

Zweetens, andeems de Stat selwer Propriétaire ass, fällt dee jährelche Loyer an der Héicht vu 6,3 Milliounen Euro ewech. Wann ee weess, dass den Immeuble an engem ganz gudden Zoustand ass a mer elo 86 Milliounen derfir gi wäerten, dann dauert et keng 15 Joer, bis mer duerch dës Transaktioun Sue spueren wäerten. Dat Gebai ass awer geschat, fir 50 Joer kënnen duerzehalen.

Mir mussen zwar elo eemol bezuelen, mä duerno hu mer vill manner Dépensë mam Gebai. D'DP huet schonn, zënter Laangem, gesot, dass eise Stat effizient funktionéiere misst. Hei ass genau esou e Beispill, wou mer déi effentlech Ressourcë relativ einfach besser asetze kënnen an dat och wäerten.

Just nach eng kuerz Bemierkung zur Reform vum Gesetz. Dës Measure stoung d'lescht Joer schonn am Zukunftspak. An de Statsrot huet dann awer proposéiert, dass dëst iwwer e separat Gesetz sollt gemaach ginn a misst gemaach ginn. Et ass dëst Gesetz, wat mer haut de Mëtteg virleien hunn. Duerch de Kaf vum Policegebai op der Kalchesbréck gi mer der Police Planungsécherheet an dem Stat d'Méiglechkeet, de jährelche Loyer anzespieren. Domadder fänke mer direkt zwou Mécke mat engem Schlag.

Ech soen dem Finanzminister a senge Leit Merci fir déi produktiv Zesummenaarbecht a ginn den Accord vun der DP-Fraktioun zum virleiede Projet an ech soen lech Merci fir d'No-lauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Arendt. An dann huet d'Wuert direkt erëm den Här Roth.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Merci, Här President. Och dem Guy Arendt Merci fir säin zweete Bericht, dës Kéier iwwert déi richtig Cité policière.

Dat Wichtigst virop: D'CSV steet zu dësem Kaf vun deem Gebai. Mir sinn eigentlech prinzipiell der Meenung, dass de Stat sollt, besonnesch wann et ëm Ministère geet oder och Institutiounen oder Servicer, déi sougenannt „fonctions régaliennes“ fir de Stat exercéieren, dass dann de Stat sollt déi Gebailechkeeten, wou déi Servicer ënnerbruecht sinn, kafen.

Hei drängt sech de Kaf eigentlech ëmsou méi op, well fir d'Police par définition duerch hir Missioun gréisser Emännerungsarbechten an der Zäit gemaach gi sinn, an och d'Police sech, egal wat fir e Propriétaire, eigentlech do kengem Drock ausgesat soll fillen, wa se herno misst e Bail verlängeren.

En éischte Punkt ass deen, dass sécherlech duerch en Ukaf vu Gebailechkeeten oder Immobilien dem Stat seng Liquiditéiten erofginn. Et muss een awer ëmmer bedenken, dass, grad ewéi bei Gemengen oder aner effentlechen Institutiounen och, e Géigewäert do ass. An ech mengen, mat Immobilien, déi an der Stad oder an direktem Émlaf vun der Stad leien, geet eigentlech de Wäert vun den Immobilien net onbedéngt erof.

Den zweete Punkt ass deen, dass och den Ukaf vun dësem Gebai ursprénglech an dem Spuerpak virgesi war; et war déi sougenannte Spuermoosnam 51. Aus formelle Grënn huet och hei de Statsrot drop opmierksam gemaach, dass den Artikel 99 vun der Verfassung strikt ze liese wier an dass een duerfir misst e Spezialgesetz schafen, wat mat dësem Projet de loi geschitt.

Ech wëll awer soen, dass mir als CSV net nëmmen aus deem formelle Grond, mä och aus deem materielle Grond sengerzäit drop opmierksam gemaach haten, dass fir eis dat hei keng Spuermoosnam ass. Et ass richtig, wéi de Guy Arendt ënnerstrach huet, dass ee mëttelfristeg net méi de Loyer vu 6,3 Milliounen Euro wäert bezuelen. Mä fir dass een dozou kënnt, muss een der awer fir d'Éischt emol 86 Milliounen bezuelen, nämlech d'Uschafungskäschte vun deem Gebai.

Et ass och esou, dass et eigentlech keng Fiche financière gëtt - et ass keng Kritik, dat ass wahrscheinlech net an de legislative Prozess mat agefloss -, wou schwaarz op wäiss verdäitlecht wier, firwat dësen Ukaf sech eigentlech finanziell géif lounen. Och mécht d'Chambre de Commerce, d'Handelskummer, mengen ech, zu Recht drop opmierksam, dass een net eng Oplëschung huet vun den Niewekäschten, déi mat dem Ukaf och vun esou engem Gebai verbonne sinn.

Ech mengen, déi Observatioun, déi kann een deelen. Dat ass awer fir eis als CSV-Fraktioun keng Ursach, fir dëse Projet de loi net ze stëmmen. Notamment opgrond vun den Explikatiounen, déi vum Finanzministère an der Finanzkommissioun geliiwwert goufen, nämlech, dass een hei an der Branche generell e Rendement huet, oder soll hunn, vu 5,5%. A wann een de Loyer vu 6,3 Milliounen Euro héich-rechent, da géif een op en De-facto-Präis vun 110 Milliounen Euro kommen.

Et muss een natierlech dann och d'Amortissementer vun deem Gebai, wat eng gewëss Zäit schonns a Betrib ass, ofrechnen, soudass fir eis dee Präis justifiéiert ass. An duerfir ginn ech och d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Roth. An d'Wuert huet direkt den Här Fayot.

► **M. Franz Fayot (LSAP).**- Jo, Merci, Här President. Ech géif och dem Guy Arendt gär nach eng Kéier Merci soe fir säi Rapport, schréfflech a mëndlech, zu dësem Projet de loi. An ech géif den Accord och gi vu menger Fraktioun heizou.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. An d'Wuert geet direkt weider un den Här Kox.

► **M. Henri Kox (déi gréng).**- Majo, nach eng Kéier Merci dem Guy Arendt fir de mëndlechen a schréffleche Rapport zu dësem Projet. An ech bréngen och direkt den Accord vun der grënger Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. A leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Turpel.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).**- Merci, Här President. Mir stëmmen dee Projet de loi, mir stëmmen deem zou, och well mer ganz einfach der Meenung sinn, dass effentlech Déngschtleeschungen sollen an effentlecher Hand sinn. An net nëmmen d'Déngschtleeschungen, mä och d'Gebai sollen an effentlecher Hand sinn, net nëmmen déi an hoheitsrechtliche Beräicher, wéi den Här Roth gesot huet, mä och déi, wat d'Schoulen ugeet, den Transport an esou weider. An zu den effentlechen Déngschtleeschungen gehéiert d'effentlech Sécherheet ganz kloer mat dran.

Effentlech Sécherheet ass eng effentlech Déngschtleeschung, déi soll garantéiert ginn. An duerfir ass et och normal, dass och d'Police soll Gebai hunn, wou se dat kënne maachen. An et ass eng schlecht Tendenz, déi doranner besteet, fir effentlech Sécherheet, esou wéi verschidde Gemengen dat sech amgang sinn ze iwwerleeën, ze privatiséieren. Duerfir brauch d'Police déi noutwendeg Leit an déi noutwendeg Gebai, fir déi Tendenz ze verhënnern, wat net onbedéngt heescht, dass ech ëmmer mat allem d'accord sinn, wat d'Police mécht. Mä dat ass eng aner Diskussioun.

Ech hunn awer eng Fro an deem Zesummenhang, also elo net vun dem Amortissement, well dat schéngt mer relativ plausibel awer ze sinn, dass, wann een hei op eng Period vun 20 Joer rechnet mat den Amortissementer, dat ongeféier opgeet an d'Gebai dann awer nach e Wäert huet, deen awer net null ass.

Mä ech hunn nach eng aner Fro, dat ass déi: Eent vun den Argumenter ass dat, dass hei neng Milliounen an d'Technik investéiert gi sinn, wat jo sécherlech och noutwendeg ass, och wann ech vläicht do net mat allem d'accord sinn, wat an der Technik geschitt, mä dat ass och erëm eng Kéier eng aner Diskussioun. Déi sinn investéiert ginn. Dat gëtt elo als Ursach geholl, fir ze soen: Et ass besser, et iwwerhëlt een d'Gebai, wéi dass ee sech ënner Drock setze léisst, fir en héije Loyer ze bezuelen oder op eng aner Plaz ze plënnern.

Da stellt sech awer d'Fro, wien dee Fait accompli eigentlech a wien déi Décisioun geholl huet,

fir effektiv déi Investitioun an där Héicht ze maachen, déi een elo soll dozou bréngen, fir eigentlech missten d'accord ze sinn, fir dat Gebai ze iwwerhuelen, wann een net gréissere Schued wëllt maachen.

Dat gesot, stëmme mir dem Projet zou.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Domat si mer um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun. An d'Wuert huet de Finanzminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech freeë mech och hei iwwert d'Unanimité iwwert dëse Gesetzesprojet.

Éischte Punkt: Et schéngt och e grouse Konsensus ze ginn, dass effektiv de Stat soll kucken, Propriétaire ze si vun deene Gebai, wou en effentlech Déngschtleeschungen ubitt. Dat gesäit d'Regierung och esou.

Den zweete Punkt ass eng gewësse Planungssécherheet fir d'Police. Dat schéngt mer effektiv extrem wichteg. Et ass eng Fonctioun régalienne. Et ass och vill an dat Gebai vum Stat selwer investéiert ginn. Dofir mengen ech, dass déi Investissementer eis dann an der Durée zeguttkommen.

Drëtte Punkt: Zum Präis, do sinn elo eng Rëtsch ganz richtig Saache gesot gi vu verschiddenen Orateuren, déi op verschidden Aart a Weisen op d'Konklusioun komm sinn, dass de Präis, dee mer bezuelen, e Präis ass, dee relativ no beim Marché ass, mä awer och relativ gënscht ass fir de Stat. De Calcul, dee mir och bei eis gemaach haten, ass deen, ze soen, dass een, wann een de Loyer kuckt vu 6,3 Milliounen, an de Präis, dee mer bezuelen, hu mer en fait mat 14 Joer Loyer den Akafspräis erreecht.

An déi meescht Experte soen engem, dass, wat ee méi ënner 20 Joer kënnt, wat de Präis e gënschtegen ass. Et kann een de Calcul natierlech och mat de Präisser maachen, wéi e vum Här Roth gemaach ginn ass. Alles dat geet op a beweist, dass dat doten e gudden Investissement ass. Et ass jo kloer och, dass dëse Projet de loi muss gekuckt ginn am Zesummenhang mat deem, dee mer virdu gestëmmt hunn, wou mer fonnt hunn, dass, wa mer effektiv en Aktiva verkafen, och direkt en anert kafen, soudass dat sech bal kompenséiert.

An zum Schluss wëllt ech dann dem Rapporteur, dem Guy Arendt, Merci soe fir seng ausféierlech Kommentaren, souwuel mëndlech wéi schréfflech.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Finanzminister.

Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6764 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6764 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

De Projet de loi 6764 ass unanime ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Octavie Modert), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany (par M. Justin Turpel).

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.